LËTZEBUERGER VETERINÄR-

A LIEWENSMËTTELVERWALTUNG (ALVA)

D'Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) ass d'Verwaltung, déi fir d'Sécherheetskontroll vun der Liewensmëttelketten a fir d'Veterinärkontroll zu Lëtzebuerg zoustänneg ass.

Zousätzlech gëtt d'ALVA zum zentrale Kontaktpunkt fir d'EFSA (European Food Safety Authority) zu Lëtzebuerg.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Administration luxembourgeoise vétérinaire
et alimentaire

Wat sinn d'Missioune vun der ALVA?

Souwuel um lëtzebuergesche Marché, wéi och beim Import an Export, ass d'**ALVA déi eenzeg Verwaltung, déi fir déi offiziell Kontrolle** betreffend d'Sécherheet a Konformitéit vun der Liewensmëttelketten zoustänneg ass:

- Kontroll vum Déiereschutz an der Gesondheet vun den Déieren;
- Kontroll vu Fuddermëttel;
- Kontroll vu Liewensmëttel;
- Kontroll vu Materialien a Géigestänn, déi mat Liewensmëttel a Kontakt kommen.

Zousätzlech gëtt d'**ALVA zum zentrale Kontaktpunkt fir d'EFSA (European Food Safety Authority) zu Lëtzebuerg**.

An dësem Kader féiert et **Kommunikatiounscampagnen** duerch, fir d'Lëtzebuerger Konsumenten iwwer gutt Praktiken ze informéieren, a huelt u villen europäesche Projeten deel, besonnesch am Beräich vun der **Risikobewäertung**.

D'ALVA kontaktéieren

Fir Froen kënnt Dir eis kontaktéieren:

@ per E-Mail
info@alva.etat.lu

oder per Post
7, rue Thomas Edison
L-1445 Strassen

Fir méi Informatiounen, besicht de Portal fir Liewensmëttelsécherheet oder de Landwirtschaftsportal

www.securite-alimentaire.lu

www.landwirtschaft.lu

Fir offiziell Liewensmëttelalarmer ze kréien, abonnéiert lech.

Follegt eis op LinkedIn